

Prise de position du Gouvernement

M. François Bausch, Ministre de la Défense | Merci, Här President. Ech wollt just dem Här Kartheiser soen, well e mer eppes ënnerstallt huet ... oder net ënnerstallt huet, well en eng Remark gemaach huet doriwwer, wéi ech meng oder menger Partei hir politesch Zukunft géif gesinn.

Ech wëll dem Här Halsdorf soen: Weeder mir heibannen, nach soss ..., also mir heibannen decidéiere ganz sécher net, wéi déi nächst Koalitioun ...

(Brouhaha)

M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale | Net dem Här Halsdorf!

M. François Bausch, Ministre de la Défense | Pardon, entschëllegt, pardon, dem Här Kartheiser. Entschëllegt, Här Halsdorf.

M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale | Ech wëll der elo d'Dieren net zoumaachen, Fränz.

M. François Bausch, Ministre de la Défense | Ech war elo esou positiv op Iech agestëmmt, gesitt Der, dass ech Iech scho verwiesselt hunn. Also, den Här Kartheiser, den Här Kartheiser ...

(Hilarité)

Une voix | So elo näischt méi ...!

(Hilarité générale)

M. François Bausch, Ministre de la Défense | Ech wëll Iech just soen ... Nee, ech wëll ...

(Interruption)

Wéi konnt ech Iech nëmme verwiessle mam Här Kartheiser?

(Hilarité)

Also, ech wëll soen: Den Här Kartheiser huet eng Remark gemaach. En huet sech do Suerge gemaach iwwert déi nächst Constellatiounen, mat wem mir an d'Regierung wëlte goen. Dat decidéieren net mir heibannen, mee dat decidéieren d'Wielerinnen an d'Wieler den 8. Oktober – éischten. An zweeten, ech ginn em awer déi Garantie: Ech wäert mech derfir asetzen, datt meng Partei keng Koalitioun mat der ADR mécht!

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Bausch.

Dann hat nach d'Madamm Nathalie Oberweis d'Wuert gefrot.

Discussion générale (suite)

Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk) | Très bien dozou, zu deem leschte Saz!

(Hilarité et interruptions)

Jo, voilà, bon. Nee, just zu der Motioun vun der CSV: Fir eis ass déi relativ flou, virun allem den drëtten Tiert. Fir eis klénkt dat esou, wéi wann een, voilà, kee Mindestloun misst ausbezuelen, well et eng Rei aner Avantagé gëtt. Dat kënnen mir esou net matdroen. Merci awer.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Oberweis.

Ech mengen, da kënnen mer elo zum Vott vun dëser Motioun kommen, esou wéi se modifizéiert ginn ass vun der Madamm Empain, well den Auteur domadder d'accord war.

Motion modifiée

La Chambre des Députés,

– considérant les problèmes de recrutement de l'Armée ;

– considérant le rôle important et l'engagement des volontaires au sein de l'Armée ;

– considérant la rémunération assez modeste des volontaires,

invite le Gouvernement

– à faire le nécessaire afin de rendre le service dans l'Armée plus attractif, à la fois pour les soldats de carrière et pour les volontaires ;

– à renforcer le rôle de formation de l'Armée ;

– à revoir les salaires des volontaires en tenant compte de tous les avantages dont ils bénéficient.

(s.) Jean-Marie Halsdorf, Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, Léon Gloden, Claude Wiseler.

Vote sur la motion modifiée

D'Ofstëmme fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass mat 58 Jo-Stëmme bei 2 Abstentiuonen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes (par M. Jean-Marie Halsdorf), Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar (par M. Max Hengel), Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Octavie Modert), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusti Graas) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo (par M. Yves Cruchten), Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benay, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Se sont abstenues : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

7. 8104 – Projet de loi modifiant la loi modifiée du 6 juin 2019 relative à la gestion, à l'accès, à l'utilisation de l'infrastructure ferroviaire et à la régulation du marché ferroviaire

Mir kommen elo zum nächste Punkt um Ordre du jour, dem Projet de loi 8104, enger Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Eisebunnsinfrastructure an d'Regulatioun vun deem Marché. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Madamm Rapportrice, d'Madamm Chantal Gary, ass prett fir de Rapport.

Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

Mme Chantal Gary (déi gréng), rapportrice | Merci, Här President. Kolleegeinnen a Kolleegeen, Här Minister, bei dësem Projet de loi, dem 8104, geet et ëm d'Moderniséierung an d'Securiséierung vun eise Schinnennetz. Reng formal setze mir mat dësem Gesetzesprojet zwee zousätzlech Projekten an Héicht vun insgesamt 158,5 Milliounen Euro op d'Lëscht vun den Infrastrukturprojekten, déi à charge vum Fonds du rail sinn, a ginn als Chamber domadder eisen Accord zum Finanzement vun den entsprechen Aarbechten.

Dës Lëscht figuréiert als Annex 1 am ofgeännerte Gesetz vum 6. Juni 2019 iwwert d'Gestioun, den Accès an d'Benotze vun der Schinneninfrastructure an zur Regulatioun vum Marché ferroviaire. An déi zwee nei Projekte kommen als 41. an als 42. Projet bei d'Lëscht derbäi.

Beim éischte Projet geet et ëm d'Erneierung vun de Stellwierksanlagen op der Nordstreck. Hei gouf nom Ofschlësse vun der éischter Phas festgestallt, datt den initiale Budget net duergeet. Duerfir stëmme mer haut eng Rallonge fir dëse Projet.

Bei dësem Projet geet et ëm d'Erneierung vu sämtleche Stellwierker op den 78,5 Kilometer vun der Nordstreck, dat heescht vun Elwe respektiv der belscher Grenz aus bis an d'Stad. Déi aktuell Stellwierker baséieren nach op enger Technik aus den 80er-Joren a mussen elo ersat, moderniséiert, erneiert an digitaliséiert ginn.

Den Accord de principe fir dëse Projet hat d'Chamber schon am Dezember 2070 (veuillez lire: am Dezember 2017) bei der Orientéierungsdebatte zu de Grands projets d'infrastructure ginn, wou de Käschtepunkt allerdéngs nach ënnert dem Finanzgesetzseuil vu 40 Milliounen louch.

D'Aarbechte beinhalten d'Erneierung vum Kär vum Stellwierk, vun alle Signaler, déi laanscht d'Streck stinn, vun de Gleisfreimeldeanlagen a vum Sécherheitssystem ETCS, dem European Train Control System, wou eng méi avancéiert Versioun installéiert gëtt. Lëtzebuerg ass jo dat eenzeg Land an Europa, wou de Réseau komplett mam ETCS ekipéiert ass. D'Meldeanlag an d'Zuchlenkung ginn och erneiert.

Dëse Projet ass och eng Premiss, fir de Pôle d'échange multimodal zu Ettelbréck kënnen ze realiséieren, geneesou wéi d'Mise en conformité vun der Mierscher Gare.

Wat elo hei ganz nei ass: Et gëtt eng innovativ Technik agesat, déi hei zu Lëtzebuerg entwéckelt gouf. Déi Technik besteet aus enger vereinfachter Bausignaliséierung, dat heescht, déi Signaler, déi bis haut do stinn, gëtt et mat dëser Technik duerno net méi. D'Innovatioun ass also, datt déi nei Signaler vill méi kompakt wäerte sinn, soudatt manner Signaler gebraucht ginn an d'Signaler net méi wéi haut wéi e sougenannte „Chrëschtbeemchen“ ausgesinn.

Déi zweet Innovatioun ass, datt beim Stellwierk selwer de Sécherheitssystem, den ETCS, direkt am Stellwierk integréiert ass. Den ETCS-System gouf also un déi besteeend Infrastruktur opgebaut.

Da gëtt et nach e puer Konnexaarbechten. Et gëtt zum Beispill eng Schnéttstell tëscht dem Stellwierk an dem System ARAMIS. Dat ass de System, fir an Echtzäit d'Dispositioun vun de Fuerpläng ze maachen.

Eng zweet Saach: Et gëtt e Simulator gebraucht. Mam Simulator soll d'Formatioun vun de Fahrdienstleiter gemaach ginn, souwéi d'Formatioun vum Maintenanpersonal. Dat heescht, um Simulator kënnen zum Beispill verschidde Störungen simuléiert ginn, soudatt d'Personal gutt geschuult ass an am Fall, wou effektiv eng Käier eng Störung ass, séier kann intervenéiert ginn.

Eng drëtt Konnexaarbecht si ganz klassesch Aarbechten, déi et bei all Zort vu Stellwierk gëtt, Génie-civil-Aarbechten zum Beispill.

Zur Realisatioun vum Projet: De 4. Juni 2018 gouf schonns een éischte Marché fir d'Fourniture vun den Installatiounen virgesinn. An enger éischter Phas gouf och schonns de südlechen Deel vun der Nordstreck vu Luerenzweiler op Ettelbréck erneiert. Deen ass d'lescht Joer den 20. August a Betrib gaangen. Dat ass also Stand haut.

Déi zweet Phas vum Projet betrëfft elo deen nêrdlechen Deel vun der Nordstreck tëscht der Giewelsmillen an Ëlwen. Dësen Deel soll elo dëst an d'nächst Joer ëmgesat ginn, fir dann am September 2024 a Betrib kënnen ze goen. D'Gesamtkäschte ginn awer mëttlerweile op d'äitlech iwwer 40 Milliounen geschätzt, soudatt fir dësen Deel och eng gesetzlech Autorisation néideg ass.

Och gouf eng Reevaluatioun vum Projet gemaach, fir erauszefannen, wat déi genee Grënn waren, datt de Projet méi deier ginn ass. Ursprénglech ware jo just 36,7 Milliounen Euro ugesat.

Dräi Haaptgrënn gëtt et, wiso de Projet de loi da méi deier gëtt.

Den éischte Grond ass op d'Innovation zréckzeféieren. D'Berechnungen waren ufanks optimisteschen an et ginn tatsächlech 13 Milliounen méi gebraucht.

Den zweete Grond ass, datt duerch déi innovativ Technik nei Funktionalitéiten agefouert kënnen ginn. Dat gouf eréischt am Laf vum Projet entdeckt an déi nei Funktionalitéiten erlaben zum Beispill, vum Stellwierk eraus Ralentissementer a Balisen ze schécken, soudatt bannent Minutte reagéiert ka ginn. Déi Funktionalitéite kaschte 6,5 Milliounen Euro.

Den drëtten Grond ass, datt et manner Pause gouf, fir dee Projet ze realiséieren, dat, fir dem Client engéintzkommen. D'Génie-civil-Entreprises hu sech also misse nei organiséieren, wat Onkäschte vun ongeféier 800.000 Euro gi sinn.

Ech schwätzen also hei vun engem Montant vu 54,7 Milliounen Euro plus 5 % Imprevu, da si mer bei engem Montant vun opgeronnt 57,5 Milliounen Euro.

Beim zweete Projet bei dësem Finanzéierungsgesetz geet et ëm en neit Stellwierk zu Beetebuerg. Déi aktuell Stellwierker Beetebuerg-Zentrum, Beetebuerg-Triage an Diddeleng-Usines, alles Stellwierker aus den 80er-Joren, sollen duerch e modern, digitalt Stellwierk, wéi rezent eent zu Diddeleng realiséiert gouf, ersat ginn.

Den 13. Oktober 2011 gouf eng Motioun hei an der Chamber gestëmmt, fir déi néideg Etüden ze maachen. Elo soll da mam Projet ugefaange ginn, e ganz wichtege Projet. D'Stellwierk gëtt gebraucht, fir am Hierscht 2026 d'Neibaustreck Lëtzebuerg-Beetebuerg uschléissen ze kënnen.

An och hei schwätze mer vun enger ganzer aler Stellwierktechnik, déi onbedéngt erneiert muss ginn. Engersäits gëtt déi al Technik guer net méi bei deene Jonken enseignéiert an anerersäits ass en neit Stellwierk hei och eng Premise, fir d'Modernisation vum Secteur Voyageurs an dem Secteur Marchandises kënnen ze maachen. Och hei, wéi ech et scho virdru beschriwwen hunn, gëtt den ETCS-System direkt an d'Stellwierk integréiert an d'Zuchlenkung gëtt automatiséiert, wat mat sech bréngt, datt eng besser Pünktlechkeet garantéiert ass.

D'Realisatioun vum dësem Projet ass an dräi gedeelt. Dat éischt ass d'Erneuerung vun den Aussenanlagen. Dat Zweet ass d'Erneuerung vum Stellwierk selwer. An dat Drëtt si Konnexaarbechten. An hei kënnt Der och weider Detailler a mengem schrëftleche Rapport noliesen.

Zu de Käschten: Dee gréisste Käschteendeel kënnt och hei vun der Signalisatioun mat 70,6 Milliounen Euro, d'Telekommunikatioun mat 10,7 Milliounen Euro, de Génie civil 9,7 Milliounen Euro an de Génie technique eng hallef Millioun, plus Imprevu vun 10 %. Da si mer opgeronnt bei 100,1 Milliounen Euro, fir also dräi Stellwierker am Beräich Beetebuerg zu engem neien digitale Stellwierk ze erneieren.

Beim virleiede Projet de loi 8104 geet et deemno, wéi ugangs erwänt, ëm e Gesamtinvestissement fir béid Projekte vun 158,5 Milliounen Euro.

De Rapport vun dësem Projet de loi 8104 ass de 25. Mee eestëmmege an der zoustänneger Kommissioun ugeholl ginn.

An ech soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren an ech ginn heimadder den Accord fir déi gréng Fraktioun.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools der Madamm Rapportrice Chantal Gary.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Gilles Roth ageschriwwen.

Discussion générale

M. Gilles Roth (CSV) | Merci, Här President. Dat si wichteg Projekten. D'Madamm Rapportrice huet dat esou am Detail erkläert, mir ginn eis Zoustëmmung derfir, an dofir den Accord vun der CSV-Fraktioun.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Roth. An dann ass et um honorabelen Här Max Hahn.

M. Max Hahn (DP) | Jo, dee war seelen esou averstane mam Här Roth wéi dës Kéier. An d'Rapportrice, wéi gesot, huet alles gesot, soudass et fir mech och derbäi bleift, dass ech just hir géif Merci soen a felicitéieren. An ech ginn dann heimat och den Accord vun der Demokratescher Fraktioun.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Hahn. An da wier et um honorabelen Här Carlo Weber.

M. Carlo Weber (LSAP) | Jo, merci der Rapportrice, der Madamm Chantal Gary. Hei geet et ëm d'Moderniséierung op eise Schinnennetz an ech ginn natierlech den Accord vun der LSAP. Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Weber. An da wier et um honorabelen Här Jeff Engelen.

M. Jeff Engelen (ADR) | Merci, Här President. Ech wëll der Madamm Chantal Gary en häerzleche Merci soe fir hire schrëftlechen a mündleche Rapport. Et ass alles gesot. Ech mengen, et ass deem net méi vill bäizefügen. Ech wëll just vläicht soen: Et ass eng Verbesserung vun der Technik op de Stellwierker, op déi haiteg Technik, déi haut existéiert. An ech mengen, dat ass ze begrëssen. Dat dréit zur Sécherheet bäi. An duerfir gi mer och eisen Accord vun der ADR zu dësem Gesetz. Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Engelen. An ech ginn d'Wuert weider un d'Madamm Myriam Cecchetti.

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Merci, Här President. Also och vun eiser Fraktioun hei aus e grouse Merci un d'Rapportrice fir hiren exzellente mündlechen a schrëftleche Rapport. Hei geet et ëm ganz héich Investissementer am Beräich vun der Effikasitéit an der Sécurité, an duerfir droe mir dat heite mat. Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President. Merci dem Chantal Gary, an och mir ginn eisen Accord.

M. Fernand Etgen, Président | D'Regierung huet d'Wuert, den Här Vizepremier.

Prise de position du Gouvernement

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Här President, ech kann et och

kuerz maachen. Ech soen der Madamm Rapportrice Merci fir hire gudden Rapport a selbstverständlech der Chamber fir hir breet Zoustëmmung.

M. Fernand Etgen, Président | Merci der Regierung.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8104. Den Text steet am Document parlementaire 8104².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8104 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 59 Jo-Stëmmen bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun ugehall.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes (par M. Max Hengel), Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Diane Adehm), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par Mme Simone Asselborn-Bintz), MM. Yves Cruichten (par Mme Cécile Hemmen), Mars Di Bartolomeo (par Mme Tess Burton), Mmes Cécile Hemmen, Lydia Mutsch (par M. Dan Biancalana) et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par Mme Josée Lorsché), Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

8. 8124 – Projet de loi relative au financement de l'exploitation des services de transports spécifiques réguliers spécialisés

Den nächste Punkt um Ordre du jour ass de Projet de loi 8124 iwwert d'Finanzéierung vu spezielle reegelméissegem Transportservicer. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Rapportrice ass och dës Kéier déi honorabel Madamm Chantal Gary.

Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

Mme Chantal Gary (déi gréng), rapportrice | Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, Här Minister, och bei dësem Projet de loi, dem 8124, geet et ëm e Finanzéierungsgesetz am Beräich vum Transport, dës Kéier allerdéngs iwwert d'Strooss.

Et geet ëm d'Exploitatioun vun „transports spécifiques réguliers spécialisés“, dem sougenannte „Mobi-bus“ respektiv dem fréiere CAPABS. Dëse Service fält